N°3807
Entrée le 19.03.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.03.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mäerz 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Delegéiert Madamm Minister fir Medien a Connectivitéit weiderzeleeden.

D'Press hei zu Lëtzebuerg steet dacks virun administrativen Hindernisser, wann se beim Staatsapparat Zougang zu Informatioune freet. Déi rezent Aussoe vum neie President vum Presserot weisen, datt trotz dem bestoende gesetzleche Kader Schwieregkeeten an där Hisiicht bestinn. Dës Situatioun werft fundamental Froen iwwer d'Effizienz vun der journalistescher Aarbecht op.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung sech bewosst, datt den Zougang zu administrativen Dokumenter fir Journalisten nach ëmmer lues, komplizéiert oder arbiträr ass?
2. Wéi eng spezifesch Moossname gi getraff, fir e schnellen an automateschen Zougang zu ëffentlechen Dokumenter ze garantéieren, ouni d'Gesetz restriktiv z'interpretéieren?
3. Wéi vill Ufroen op Zougang zu Informatioune goufen an de leschte fënnef Joer refuséiert oder retardéiert, an aus wéi enge Grënn?
4. Kënnen déi staatlech Autoritéite sanktionéiert ginn, am Fall wou se gesetzlech Fristen net respektéieren?

Mat déiwem Respekt,

Dan Hardy
Deputéierten